
# Entente des Mineurs

Gegrënnt 1983

Generalversammlung vum 12.02.2008

# Entente des Mineurs Esch /Alzette




# Aktivitéitsrapport vum Joer 2007

Siège social : Quints'Pub, 02-04, rue Ernie Reitz, L - 4151 Esch/Alzette , ☎ 26 54 04 01

1871 den 10. Oktober ass an der Metzerschmelz hei zu Esch Schëffleng deen éischten neizäitlechen Héichuewen a Betrieb geholl gi.

D'Zuel vun den Héichuewen déi gebaut goufen zu Esch – Schëffleng, Brasseurschmelz, Diddeleng, Déifferdeng an op Belval ass bis 1920 op 47 geklomm.

Duerno sinn ëmmer méi grouss Héichuewe gebaut ginn. An d'Zuel huet deementspriechend ofgeholl: vun 1926 – 1971 vun 47 op 28 vun 1972 – 1989 op 3.

Mee d'Produktioun ass vun 1812 zu Fëschbech vun enger Dagestonnage vun 215 Tonnen op 5000 Tonnen op Belval geklommen.

Am Hierscht 1997 gouf dunn och dee leschten Héichuewen dicht gemeet.

3 Mënze vun den Feierstëppeler vun 0,50, 1 an 2 Frang hunn haut och nëmme méi Sammlerwert.

An zwee vun de villen Héichuewe solle jo als Kulturdenkmäler erhale bleiwen.

Merci fir d'nolauschteren.

Looss mer elo eng Minutt all de Mineuren, Feierstëppeler an onse verstuerwene Veräinsmemberen gedenken. De leschten deen eis verloos huet war onse Frënd Josy Thilmany deen virun 12 Deeg gestuerwen ass.

Ech soen äech Merci

Jeannot Bourkel



# Usproch vum President

Där Dammen an där Hären, Léiw Memberen

Wéi all Joer sinn ech frou, Äech alleguerten am Numm vum Comité vun der Entente des Mineurs begréissen ze kënnen. Och ons Éiregäscht an d'Press si wëllkomm.

E puer Erënnerungen un eppes wat haut och schons zur Vergaangenheet gehéiert.

D'Minett déi de Mineur ënner schwéiere Bedingungen aus de Grouwen eraus gebuddelt huet, huet och misse verschafft gin. Dofir e klénge Réckbléck iwwer d'Héichuewen.

D'Eisenhirstellung léisst sech schons bis an d'Keltenzäit zeréck verfollegen. Also bis ongeféier 400 Joer viru Christus.

Hei am Land gëtt et verschidde Plaze wou Iwwerreschter vu Minettsofbau an Eisengewënnung ënner de Gallo – Réimer festgestallt goufen. Also Nofolger vun de Kelten.

Mee dee vun den Hunnen ausgeléissten Ugrëff vun de Barbaren, an duerno déi vum III bis VI Joerhonnert grouss Vëlkerwanderung, hat an onser Géigend en negativen Afloss op d'Eisengewënnung.

D'huet schon bis an d'14zéngt bis 15zéngt Joerhonnert gedauert bis richteg Fortschrëtter an der Eisegewënnung festgestallt goufen.

Am Ufank waren et Schmelzuewen mat enger Héicht vun 1,20 bis 1,50 Meter déi mat Holzkuelen a mat Handblossbälleg op Temperatur bruecht goufen.

Duerno géint 1450 goufen déi éischt Schmelztiirm mat enger Héicht vun 6 – 12 Meter aus Steng gebaut, déi kontinuéierlech Goss eraus gestouss hunn. Also Virleefer vun deen ons bekannten Héichuewen.

1571 zu Rëmeleng 1609 Dummeldeng, 1623 Lasauvage, 1624 Simmer an Aansebuerg. An de Joeren duerno Biissen, Colmarbierg, Rolleng, Bollendorf, Wecker, Berbuerg, Weilerbaach a Fëschbech goufen et Schmelzen wou Dausenden hier d'Brout verdéngt hunn.

1850 hate mer 15 Héichuewen op Basis vun Holzkuelen. T'Holzkuele goufen 1859 duerch de Kock ersat.

Mat der Erfindung vun der Dampmaschinn déi vun 1857 Gebléisanlagen ersat huet, an besser Transportméiglechkeeten duerch d'Eisebunn ass d'Produktioun enorm geklommen.

1869 huet Metz & Cie a Burbacher Hütte beschloss en Héichuewewierk ze bauen.

# Aktivitéitsrapport vum Joer 2007

Léif Eirengäscht, léif Memberen, Där Dammen an Där Hären,

Et ass schued dass net méi oft eng Generalversammlung ass. Ech fannen et ëmmer nees interessant fir dem Präsidentséngen historeschen Ausféierungen iwer d'Eisenindustrie hei am Land nozelauschteren.

Ech soen den Memberen vun eisem Comité Merci fir déi gudd Zesummenarbecht am Joer 2007. No eiser leschter Generalversammlung déi den 15. Februar 2007 hei am Klublokal ofgehalen gouf, huet de Comité folgendermossen ausgesin:

| | |
|---|---|
| Bourkel Jeannot | President |
| Fiorese Livio | Vize – President |
| Gengler Robby | Sekretär |
| Dondelinger Anni | Member |
| Dondelinger Pierre | Keesjee |
| Gengler Yvonne | Member |
| Heinen Annette | Member |
| Hoor Félix | Member |
| Hoor Marcelle | Member |
| Quintus René | Member |
| Schwartz Nicolas | Member |

De Schütze Ren war ausgetrueden well hien aus perséinlechen Grënn net méi wollt un den Versammlungen vum Comité deelhuelen. Ech well awer betounen, dass hien net béis mat eis war an et och haut nach net ass.

Keessereviroren waren den Jean Biergen, Alain Langguth an den René Majerus.

Tëschent dem 15. Februar 2007 an haut haten mär 9 Sitzungen vum Comité, dat waren der grad esou vill wéi dat Joer virdrun (27.02.; 20.03.; 17.04.; 15.05.; 26.06; 31.07.;11.09.; 06.11.; 22.01.).

Wéi gewinnt war am Laf vum Joer vill lass.

- Den 28. Abrëll sin mär de „Wäinmusée" zu Ehnen besichen gang. Duerno hun mär an der Kellerei Berna zu Ohn Wäin geschmaacht an mär hun eis et gudd goen gelooss. Zum Schluss ass dann den harden Kär vun eis nach an de „Café Roude Léiw" gang wou mär den Dag dann „feuchtfröhlich" auskléngen gelooss hun.

- Am Abrëll hun mär nees eng "loterie à tirage immédiat" organiséiert. Déi 2000 Lousen déi zum Präis vun engem Euro verkaft gin sin waren mär nawell séier lass. E Merci un eisen Sponsor deen eis d'Lousen matgehollef huet ze bezuelen, eisen Wirt, de Bridi.
- Den 1. Mee hat de Bridi d'Komiteesmemberen op en gemittlecht Mëttegiessen agelueden.
- Den 29. Mai haten mär déi Leit déi mat an d'Vakanz sollten fueren op en Informatiounsowend hei an d'Lokal invitéiert.
- Vum 10. bis den 17. Juni hun 15 vun eisen Memberen eng flott Vakanz zu Abtenau verbruecht. D'Wieder an d'Ambiance waren exzellent. Eise Keessier, de Pier hält sech drun mat der Behaptung dass et déi schéinsten Vakanz gewiecht wier déi de Veräin jeemols organiséiert hätt.
- Den 1. September sin mär mat der M.S. Marie Astrid op Bernkastel gefuer. Do war, wéi üblech em dës Zäit, dat traditionnellt Wäinfest. Et war e richteg flotten Dag och wann mär op der Hirees déi leschten Kilometeren mat Bussen hun missen bewältegen well e Motor vum Scheff an Pann gefall war. Et kann een festhalen dass mär zanter 1994 zwielef Mol mat der Marie-Astrid ënnerwee waren.
- Vum 27. September un hun mär am Café "Roude Léiw" eng Haascht organiséiert. Dat war e groussen Erfolleg, d'Lousen waren am Nu verkaaft an e groussen Merci geet un den Wirt, den Schneidesch Roby an un säin Personal fir déi wonnerbar Ennerstetzung.
- Den 18. Oktober sin mär dann alt nees emol op Kirrwiller gefuer. Dat war deen 8. Ausflug op déi Plaz an et wärt och fir eng gewëssen Zäit de leschten gewiecht sin.
- Den 20. November haten mär eisen Beaujolais Owend. Dat war am Fong een vun zwee Mësserfollegen déi mär haten, well vum Interessi hier muss een den Owend als de Flop vum Joer ugesin. Déi zweet Offer déi och net gudd ukomm ass, war en Lasagnes-Owend beim Bridi den 29. Mai, deen mär ofgerblosen hun, well net genuch oder praktesch kéng Memberen ugemellt waren.
- Den 4. Dezember hun mär dann d'Bärbel gefeiert an wéi gewinnt goufen deen Dag Blummen beim Gedenksteen vun den Mineur'en bei der Telindus nidder geluecht an eis Memberen déi méi wéi 70 Joer al waren sinn op d'Iessen agelueden ginn wann sie zanter méi wéi 3 Joer den Beitrag bezuelt haten. Dat gemeinsamt Mëttegiessen beim Bridi war gudd an et ass och genuch op den Teller ginn. Eis Loterie mat Direktzéihung hat e groussen Succès an den Hoors Félix

an d'Nathalie Schumacher hun de ganzen Mëtten wonnerbar Musek gespillt. Ech well all de Leit Merci soen déi eis Gewënner matbruecht hunnn. E grousse Merci och un déi Persounen déi sech mat Haut an Hoer fir d'Organisatioun vun der Tombola agesat hunn – ech denken do z.B. un den Dondelingesch Pier an un d'Anni, déi praktesch 12 Méint am Joer un der Organisatioun vun déer Tombola schaffen.

- Den 11. Dezember sin mär, dat waren 29. Persounen, als Ofschloss vum Joer op Valkenburg op den Weihnachtsmarkt gefuer an och dat war en tipp toppen Ausflug.

Ech wëll dësen Tätegkeetsbericht nët mat den obligatoreschen Merci'en ofschléissen. D'Gefor wier ze grouss dass ech den een oder den aneren ging vergiessen. Är Präsenz an dëser Versammlung beweist dass mär anscheinend guer nët esou schlecht geschafft hunn an mär wärten eis ustrengen fir et 2008 nach besser ze machen.

Wann Där eemol déi eng oder aner gudd Iddi hutt wat een organiséieren kinnt, dann zéckt net fir eis ze kontaktéieren. Mär machen eist Bescht fir Äech zefridden ze stellen. Wann mär d'Wandrichtung och net änneren kënnen, esou kënnen mär awer eis Segelen esou setzen dass eist Schëff an déi richteg Richtung fiert.

Ganz zum Schluss, wéi gewinnt nach eng perséinlech Bemierkung. Wou ech dem Keessier säin Rapport gesin hun, hat ech e bëssen d'Gefill mär wieren e Spuerveräin. Ech ging mär wënschen, dass de Pier vun Zäit zu Zäit e puer Plommen misst loossen andems dass en e puer Su bei dësen oder deen Ausfluch bäisteiert. Doduerch kinnten mär méi präiswert Tier ubidden. Loos mer emol kucken op mär dat am Comité hikréien.

Ech soen Äech Merci dass Där mär nogelauschtert hudd an ech gin elo eisem Keesje d'Wuert. Dier wärt gesin – ech hu recht. Dee Mann huet echt vill Suen an der Kees.

# Entente des Mineurs Esch /Alzette

## Tagesreisen seit 1987

| | | |
|---|---|---|
| Ziel | Tag | Jahr |
| Ribeauville | 14.10. | 1987 |
| Rheinische Braunkohle | 21.07. | 1988 |
| Villeroy & Boch | 14.09. | 1988 |
| Bascharage – Brasserie | 13.12. | 1989 |
| Diekirch – Clerf | 10.05. | 1989 |
| Grottes de Han | 09.08. | 1989 |
| Idar-Oberstein | 12.09. | 1989 |
| Petit-Pierre | 07.08. | 1990 |
| Verdun | 04.05. | 1990 |
| Villeroy & Boch | 24.10. | 1990 |
| Arbed Belval | 18.04. | 1991 |
| Esch / Sauer | 09.05. | 1991 |
| Fons-de-Gras | 17.07. | 1991 |
| Grevenmacher – Echternach | 16.10. | 1991 |
| Saarlouis – Fordwerke | 11.12. | 1991 |
| Insenborn – Vianden | 15.07. | 1992 |
| Luxlait – SEBES | 08.10. | 1992 |
| Remouchamps – Spa | 10.10. | 1992 |
| Diekirch | 04.08. | 1993 |
| Grevenmacher – Insenborn | 10.09. | 1993 |
| Reims | 12.05. | 1993 |
| Trier - Weihnachtsmarkt | 09.12. | 1993 |
| Esch / Sauer | 28.09. | 1994 |
| M.S. Marie-Astrid | 06.08. | 1994 |
| Daun | 10.05. | 1995 |
| Gerardmer | 20.09. | 1995 |
| M.S. Marie-Astrid | 15.07. | 1995 |
| Martelingen | 07.06. | 1995 |
| Trier - Weihnachtsmarkt | 13.12. | 1995 |
| Bruxelles | 06.06. | 1996 |
| M.S. Marie-Astrid | 06.07. | 1996 |
| Saarbrücken - Weihnachtsmarkt | 11.12. | 1996 |
| Bex – Bach | 02.09. | 1997 |
| Gerolstein | 11.07. | 1997 |
| Trier - Weihnachtsmarkt | 12.12. | 1997 |

| | | |
|---|---|---|
| Wahl | 13.05. | 1997 |
| Cochem | 30.07. | 1998 |
| M.S. Marie-Astrid | 28.05. | 1998 |
| Strasbourg - Weihnachtsmarkt | 10.12. | 1998 |
| Aachen - Weihnachtsmarkt | 09.12. | 1999 |
| M.S. Marie-Astrid | 09.07. | 1999 |
| Rümelingen – Musée des Mines | 16.09. | 1999 |
| Sedan | 11.05. | 1999 |
| Kirrwiller | 29.06. | 2000 |
| Köln - Weihnachtsmarkt | 12.12. | 2000 |
| M.S. Marie-Astrid | 22.08. | 2000 |
| Kirrwiller | 03.05. | 2001 |
| M.S. Marie-Astrid | 20.09. | 2001 |
| Rüdesheim - Weihnachtsmarkt | 11.12. | 2001 |
| Kirrwiller | 18.04. | 2002 |
| Metz - Weihnachtsmarkt | 10.12. | 2002 |
| Rümelingen – Musée des Mines | 16.08. | 2002 |
| Cochem - Weihnachtsmarkt | 08.12. | 2003 |
| Kirrwiller | 22.05. | 2003 |
| M.S. Marie-Astrid | 18.09. | 2003 |
| Kirrwiller | 16.09. | 2004 |
| M.S. Marie-Astrid | 29.06. | 2004 |
| Kirrwiller | 19.10. | 2005 |
| M.S. Marie-Astrid | 26.05. | 2005 |
| Trier Weihnachtsmarkt | 14.12. | 2005 |
| Besuch des Grubenmuseums in Rümelingen und der Brauerei in Niederkerschen | 10. 05 | 2006 |
| Kirrwiller | 18.10. | 2006 |
| Köln - Weihnachtsmarkt | 13.12. | 2006 |
| M.S. Marie-Astrid (Bernkastel) | 02.09. | 2006 |
| Ehnen – Musée du Vin | 28.04. | 2007 |
| M.S. Marie-Astrid (Bernkastel) | 01.09. | 2007 |
| Kirrwiller | 18.10. | 2007 |
| Valkenburg – Weihnachtsmarkt | 11.12. | 2007 |

| Entente des Mineurs Esch /Alzette | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Ferienreisen seit 1987 | | | | |
| | | | | |
| Nr | Ziel | Vom .... Bis .... | Jahr | Teilnehmer |
| 1. | Kufstein | 15 – 22. August | 1987 | 26 |
| 2. | Fieberbrunn | 06 – 15. Juni | 1988 | 30 |
| 3. | Fieberbrunn | 19 – 30. Juni | 1989 | 22 |
| 4. | Riva – Gardasee | 12 19. Juni | 1990 | 32 |
| 5. | Egg – Voralberg | 02 – 09. September | 1991 | 25 |
| 6. | Neustift | 13 – 22. Juni | 1992 | 35 |
| 7. | Pertisau | 14 – 21. Juni | 1993 | 26 |
| 8. | Kaufbeuren | 13 – 20. Juni | 1994 | 29 |
| 9. | Alberschwende | 10 – 17. Juni | 1996 | 22 |
| 10. | Riva - Gardasee | 01 – 08. Juni | 1997 | 26 |
| 11. | Kärnten | 07 – 14. Juni | 1998 | 22 |
| 12. | Pettneu | 05 – 12. Juni | 1999 | 24 |
| 13. | Alassio | 25. April – 01. Mai | 2000 | 28 |
| 14. | Pertisau | 10 – 17. Juni | 2001 | 23 |
| 15. | Vals - Südtirol | 15 – 22. Juni | 2002 | 18 |
| 16. | Vals – Südtirol | 15 – 22. Juni | 2003 | 27 |
| 17. | Stresa – Laggio Maggiore | 17 – 24. April | 2004 | 26 |
| 18. | Titisee – Neustadt | 25. Mai – 02. Juni | 2005 | 21 |
| 19. | Annecy (Haute Savoie) | 17. – 24. Juni | 2006 | 18 |
| 20. | Abtenau | 10. – 17. Juni | 2007 | 15 |
| 21. | Mallorca | 06. – 13. Juni | 2008 | |